# Ech kann (Text : Nicole Bausch / Compositioun : Dennis Scholtes )

A menger Klass huet e Jong déi Schong,
déi liichten, wann ee geet,
dofir kann ech schonn dat ganzt Eemoleent.
Ech ka Witzer zielen, ‘wéi soss keen.
D’lescht Kéier hu mir ‘sou haart gelaacht,
d’Jessi huet ~~sech~~ e bësse Pippi an d’Box gemaach, hahaha!
An der Paus war e grousst Kand;
hatt konnt den Handstand mega laang,
uhh an op sengem Pullover war e mega coolen Draach.
Eng Frëndin vu mir kann um Rubikub all d’Faarwen.
Hm, an awer sinn ech traureg, ech wëll méi cool Saachen,
ech wëll kafen, déi aner hunn dat och!
Mee waart, sinn d’Saache wierklech esou flott?
Am Fong ass et méi cool eppes ze kennen, ze verstoen,
‘wéi just cool Saachen unzedoen.

*Refrain:*
Ech si cool, ech si cool, well ech kann esou vill.
Probéier! Du verléiers géint mech am Spill.
Ech si cool, well ech kann all Dag méi, hey!
D’Liewen ass ‘sou wonner-, wonnerschéin.
Ech si cool, well ech kann esou vill.
Alles wat ech brauch, si meng Frënn a meng Famill.
Ech si cool, an du bestëmmt och.
Allez, klapp an d’Hänn, dat hei ass Hip-Hop!

Ech ka gutt rechnen, d’Jessi liesen,
‘souguer Franséisch.
Wow! kuck wéi héich den Daniel de Futtball schéisst.
Ech ka molen, kloteren ‘wéi d’Afen, uahahah!
Den Tobi, hie ka mega gutt baken.
Jo, ech hu gäre Saachen a si frou, wann d’Eltere mir eppes kafen.
Mee vill léiwer laachen ech beim Zombiefänkches.
Du méchs op cool, mee ech ka méi wéi s du,
Yabadabadooo, hibbi jibbi di dibbe dijay doooo!

Mir fänken un ze sangen, sprangen, danzen.
Komm, maach mat!
‘t ass egal, wann et net direkt klappt.
Fann dat, wat s du gutt kanns, dat mécht mega vill Spaass.
C’mon, lauschter op d’Nikki Ninja.

*Refrain:*
Du bass cool, well du kanns esou vill.
Probéier! Hie verléiert géint dech am Spill.
Mir si cool, mir kënnen all Dag méi, hey!
D’Liewen ass ‘sou wonner-, wonnerschéin
Mir si cool, mir kënnen esou vill.
Alles wat ee brauch, si Frënn a Famill.
Mir si cool, si bestëmmt och.
Allez, klapp an d’Hänn, dat hei ass Hip-Hop!